PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Immigratioun an Asyl weiderzeleeden.

D'Immigratiounsgesetz vum 29ten August 2008 beschreift d'Prozedur wéi den Ausseministère d'Visasdemandë fir Persounen aus Drëttstaaten ze traitéieren huet. Laut Gesetz muss de Ministère all Demande op Basis vun enger Evaluatioun vun de Fakten entweder akzeptéieren oder refuséieren. Bei Visasdemanden aus Drëttstaaten gëllen heibäi méi streng Kritären.

Fir d'Residenten zu Lëtzebuerg, déi eng Bezéiung mat enger Persoun aus engem Drëttland féieren, stellen sech an dem Kontext gewësse Problemer. Vill vun deene Koppele sinn net bestuet a liewen och net an engem agedroene Partenariat, sou wéi d'Gesetz vum 9te Juli 2004 et virgesäit. Fir eng glécklech Fernbezéihung kënnen ze féiere sinn d'Koppelen dorobber ugewisen, dass hir Visasdemandë vum Ausseministère akzeptéiert ginn.

Ee Refus vun engem Visum ass fir d'Koppelen mat héijem emotionale Stress verbonnen, well si hir Bezéiung an dem Fall nëmme schwéier weiderféiere kënnen. Den Ausseministère huet schlussendlech also dat leschte Wuert iwwert d'Entscheedung ob eng Bezéiung Zukunft huet oder net.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Visasdemandë à court séjour goufen dëst Joer vum Ministère accordéiert oder refuséiert? Wat waren d'Grënn bei de Refusen?

2. Ass et Usus, dass de Ministère bei Visasdemanden aus Drëttstaaten den Demandeuren oder hirer Koppel recommandéiert sech net ze bestueden?
   - Besëtzt de Minister Kenntnis vun esou Fäll?
   - Sinn esou Recommandatiounen an der Prozedur virgesinn an am Kompetenzberäich vum Ministère?
   - Fënnt de Minister, dass et all Koppel selwer iwwerlooss ass, ob si sech bestuede wëll?

3. Ass et Usus, dass bei Visasdemanden den Demandeur a seng Koppel gefrot ginn hir perséinlech Fotoen fir eng Evaluatioun un de Ministère weiderzeleede mussen?
   - Falls jo, besëtzt den Ausseministère déi néideg Kompetenze fir ze evaluéieren op eng Bezéiung authentesch ass?

4. Vu, dass d'Immigratiounsgesetz vum 29ten August 2008 souwéi säi Reglement an de leschte Joren eng Réi Ännerunge kruten an déi lescht Consolidéierung vum Gesetz op 2013 zeréckzeféieren ass, hält de Minister et fir opportun eng

consolidéiert Versioun vum aktuelle Gesetz ze publizéieren? Falls jo, bis wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange